

Rapport Referees Commission 21 September 2016

Uwiesend: Karier, Geib, Schmitt, Nesser, Keiffer

Entschellegt: Pascalicchio, Ney, Weber, Scheuren, Simonelli

1. **Adoptioun vum Rapport vum 30.08.2016**

Den Rapport ass approuvéiert.

2. **Formatiounen néit Reglement**

D'Formatioun fir d'Veräiner ass leider vu ville Clibb net ugeholl ginn. Präsent ware just folgend Veräiner: Bierchem, Standard, Reiden, Miersch, Käerjeng, Diddeleng a Maacher. D'Presentatioun vum Patrick Simonelli ass um Site beim Arbitrage ënner Formatioun verëffentlecht. D'Federatioun mécht drop opmierksam, dass jiddereen d'Regelen ze kennen huet.

D'Formatioun bei den Arbitter de 17. September ass gutt verlaf. Gutt 40 Arbitter hunn de Laf-a-Regeltest gemaach. Duerno sinn d'néi Regeln intensiv diskutéiert ginn.

3. **Protektiounen an aaner geféierlech Géigenstänn**



Esou Protektiounen sinn net erlaabt, well geféierlech fir d'Matspiller.



Sportsbrëll: Muss en Halteband hunn!



Foussgelenkprotektiounen: laut neiem IHF-Reglement mussen di hard Deeler ofgedeckt oder zougetaped sinn.

Hoerspéngelen: Mussen zougetaped sinn.

Weider Informatiounen fannt dir an der Regel 4.9.

Wichtig: Den Mannschaftsverantwortlechen **A** as verantwortlech a gëtt progressiv bestrooft wann d'Reglement net agehale gëtt!

4. Tuteur Jeunes Arbitres

Well vill Veräiner bei der leschter Formatioun net do waren, gëtt eng weider Formatioun fir all d'Tuteur ugebueden. Des Formatioun fënnt statt samschdes den 01. Oktober um 10h00 an der Maison des Sports. Mir weisen drop hin, dass et wichteg ass, dass all Club matschafft. Déi Léit déi des Formatioun maachen, stiechen deels ganz vill Zäit an des Projeten.

5. Cours Sekretär/Chronométrur:

Rappel: 24.09 an den 12.11 um 10h00 an der Maison des Sports. Aschréiwen kennt dir iech via email op mail@flh.lu.

6. Kandidat fir den Arbitter-Eliteschein

D'Bestoe vum Regel- a Lafstest ass obligatoresch fir den Eliteschein. Den Adilson Costa Brito huet des Obligatiounen net erfëllt, a gëtt net fir den Eliteschein ageschriwwen.

7. Regeltest

Folgend Arbitter hun keen Regeltest gemaach a gi bis op weideres net als Arbitter agesaat: Wallrabenstein F., Cenus R., Humbert A. an Ntamag G.

8. Matchprozeduren

D'Matchprozedure sinn un all Veräin ausgedeelt ginn. All Arbitter huet och eng Kopie kritt. D'Prozedure mussen an all SLL-Match agehale ginn. Wichteg virum Match: Nokucken op d'Serpilleros al a virum allem grouss genuch si fir den Terrain ze wëschen. D'Delegéiert sollen am Technical Meeting d'Tricotsfuarwe beschwätzen a kuerz op den Oflaf vun de Matchprozeduren (Countdown Match, Auswiesselreglement) agoen.

9. Delegéiertenformatioun

D'Refcom schreift en Delegéierten-Cours aus. Wichteg: Et muss een net Arbitter sinn oder gewiescht si fir Delegéierten ze ginn. Mellt iech w.e.g. un per Mail op mail@flh.lu . Den Datum vun der Formatioun gëtt dann zesumme festgeluecht.

10. Coupematcher U12 an U14

D'Besetzung vum Arbitrage gëtt bis an d'Halleffinale vun der FLH organiséiert. D'Final gëtt vun neutralen "Jeunes Arbitres" gepaff déi vun der FLH selektionéiert ginn.

Next Versammlung: Dënschdeg den 25 Oktober um 18:15.